N°3260
Entrée le 20.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°3260 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement iwwer finanziell Schwieregkeete vun eelere Leit.

1. *Wéi vill Persounen iwwer 70 Joer hunn an de leschten zwee Joer staatlech Hëllef ugefrot, well hir Pensioun net duergeet fir hir Grondkäschten ze decken, a wéi huet sech dës Zuel am Verglach zu de Jore virdrun entwéckelt?*

D'Unzuel u Persounen iwwer 70 Joer, déi an de leschte Joer d'Allocation de vie chère, d'Energieprimm an/oder de Revis ausbezuelt kruten, gesäit folgendermoossen aus:

| Prestation | Exercice | Nombre bénéf. (> 70 ans) |
|---|---|---|
| Allocation de vie chère/Energieprimm | 2022 | 2195 |
| Allocation de vie chère/Energieprimm | 2023 | 2313 |
| Allocation de vie chère/Energieprimm | 2024 | 2488 |
| Allocation de vie chère/Energieprimm | 2025 | 2992[1] |

[1] D'Differenz zum Virjoer erkläert sech duerch ënnerschittlech Neierungen déi op den 1.1.2025 agefouert goufen: automatesch Ausbezuele vun der AVC an Energieprimm un REVIS-Bezéier, Erweiderung vun de potenzielle Beneficiairen duerch d'Aféierung vun enger reduzéierter Energieprimm an enger verstäerkter Informatioun a Sensibiliséierung iwwer déi verschidden Aiden.

| Prestation | Exercice | Nombre bénéf. (> 70 ans) |
|---|---|---|
| REVIS | 2022 | 1245 |
| REVIS | 2023 | 1282 |
| REVIS | 2024 | 1341 |
| REVIS | 2025 | 1432 |

Donieft huet d'Unzuel un Dossieren beim Accueil gérontologique folgendermoossen evoluéiert:

| **Prestation** | Exercice | Nombre bénéf. (> 70 ans) |
|---|---|---|
| Accueil gérontologique | 2022 | 605 |
| Accueil gérontologique | 2023 | 648 |
| Accueil gérontologique | 2024 | 678 |
| Accueil gérontologique | 2025 | 661 |

2. *Wat fir Moossnamen huet d'Regierung virgesinn, fir sécherzestellen, dass eeler Leit mat adequater Pensioun net wéinst de steigende Liewenskäschten an d'Aarmut rutschen?*
3. *Gëtt et Pläng fir d'Prozeduren ze vereinfachen, fir dass eeler Leit méi einfach Zougang zu finanzieller Ënnerstëtzung kréien, falls hir Pensioun net duergeet fir d'Käschte vum betreite Wunnen ze decken?*

Mam Zil d'Altersaarmut ze bekämpfen an all eelere Mënsch zu Lëtzebuerg e wierdergt Liewen am Alter ze erméiglechen, sinn op den 1. Januar 2026 zwou nei Hëllefen a Kraaft getrueden: Déi nei neier „Aide financière pour personnes âgées“ (AFPA), an de „Complément pour personnes âgées“ (COMPA).

D'AFPA riicht sech u Persounen déi an engem Stot mat niddregem Revenu liewen an entweder eng Alters- oder Hannerbliwwenepensioun kréien, oder op mannst 65 Joer hunn. Déi nei Hëllef gesäit eng Ënnerstëtzung an Héicht vu bis zu 2400 Euro d'Joer fir eng eenzel Persoun vir, a gëtt, grad ewéi d'Allocation de vie chère an d'Energieprimm, automatesch un d'Revis-Bezéier ausbezuelt.

Alternativ kënnen déi Persounen, déi net déi néideg finanziell Mëttel hu fir de Pensiounspräis vun enger Wunnstruktur ze bezuelen, eng direkt finanziell Participatioun bei den Hebergementskäschte beim Fonds national de solidarité ufroen. De COMPA huet als Zil, dass all Persoun vun enger adequater Prise en charge ka profitéieren, an Accès zu enger Wunnstruktur fir eeler Leit huet.

Mat dësem neie Gesetz, dat d'Chamber den 9. Juli eestëmmeg ugeholl huet, ass och en neie Mechanismus fir d'Berechnung vum Montant vum Complément geschaf ginn, deen sech op eng, alljärlech nei berechent, national Moyenne vun de Pensiounspräisser vun all den Eenzellogementer baséiert.

Zousätzlech ginn iwwer d'Majoratioun fir essentiell Servicer a Produiten Käschten iwwerholl fir Produiten an Déngschtleeschtungen, déi noutwendeg si fir dignement kënnen am Alter ze liewen: den Entretien an d'Bereetstellen vun der Wäsch, Hygiènesproduiten, an den Accès zu Kommunikatiounsméiglechkeeten. Donieft hunn d'Leit mam neie Gesetz och Urecht op e sou genannten Täschegeld an Héicht vun 630 Euro de Mount.

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn